

Mir ernimmen... Nimm

Fir d'éischt emol: Mir „erwähnen“ näischt. Leider gëtt ze dacks iwwersinn, datt eis esou arem Sprooch dofir en typesche Gebrauch huet.

Déi eelst Ausdréck, déi mir an eiser Sprooch hunn, dat schéng **keltesch Nimm fir Géigenden a Plazen** ze sinn, an anere Wierder, deer sougenannter „Flouernimm“; d'Fransouse soe jo „lieux-dits“ dofir; wann et méi geléiert hiergeet, da gëtt vun „Toponym“ geschwat – dat Griechesch mécht déi Saachen ëmmer méi blénkeg –, mä „*topos*“ ass och alt näischt anescht wéi „Plaz“, an „*nym*“ ass en Numm... mä dat klénkt dann alles esou gescheit, gelldir, an dat richt no „Wëssenschaft“. Dajee alt.

Vrun de Kelte sinn och nach „anerer“ hei gewiescht; et ka jo net sinn, datt déi an deem Sënn näischt hei „hänke“ gelooss hunn. Wien an déi Saache wëllt kruwelen a kraze goen, deen däerf sech och nach „Etymolog“ vernennen... beim Duden huet deen ower och besser nom „Herkunftswörterbuch“ ze kucken. Dat ass eng intressant Beschäftegung, an et wonnert een sech dacks, datt een do besonnesch am **Al-Mëttel-Houdäitschen Ausdréck** erwëscht, vun deenen ee gemengt hat, si wieren „typesch eiser“.

All dat verhënnert net, **datt et hei bei äis Flouer- a Familjennimm, Patronymen, also Pappennimm gëtt, déi hei gestackt hunn a gewuess sinn**. Firwat? Mä well virun der Franséischer Revolutioun an der Verwaltung vum „Département des Forêts“ vun duerno jo **keng „weltlech“ Bicher** geféiert gi sinn, wou déi nei Kënnercher ageschriwwen guffen; si sinn ower gedeeft ginn... an dat guff vum Paschtouer opgeschriwwen. Do sinn déi nei Kanner, am Sënn vum Ausdréck, ernimmt... an si schéngen all nëmme „Pappekanner“ gewiescht ze sinn, well **nëmmen dem „Procreator“ säin Numm an deene Par-Daf-Bicher** geschriwwen steet; d'Mamm huet do keng Roll gespilt. Machoen! Dat huet sech dann am Ufank vum 19. Joerhonnert geännert, wéi dat „Weltlecht“ d'Haaptroll ze spille krut an dat och bis haut esou ass. Just d'Sprooch vun deenen Akten huet geännert, ower zënter dem leschte Krich ginn d'Lëtzebuerg net méi op Däitsch („gezeugt von X und seiner Ehegattin Y“) „ugeschriwwen“, mä op Franséisch, an zwar als „*procréé par X et son épouse Y*“.

D'meescht maache mir äis och keng sënnerlech Gedanken, wou dann elo eis Familjennimm hierkommen, wéi se entstan sinn an sech an der Schreifweis am Laf vun de Generatiounen och nach esou verännert hunn, datt een dacks Krämpes huet, fir d'Wuerzel erëmzefannen. Datt Beruffer do vru Joerhonnerten eng ganz wichteg Roll gespilt hunn, ass liicht erauszefannen an ze verstoen: Schmit (a 5 Varianten a Faber op Latäin), Müller (cf. Molitor, Meunier), Wagner, Schlessler, Becker, Decker... d'Schreifweis ass erëm eng Fro fir sech. Mir hunn och kéipweis **„Patronymen“, déi ganz kloer aus dem Virnumm vun deemolege Pappen entstan sinn**. Déi endegen immens vill op „y“ oder „i“; dat kënnt vum laténgesche Genitiv (Wessen-Fall), deen de Geeschtleche bei der Daf an den Dafregëschter geschriwwen huet: *Filius Alberti, Mathei, Michaeli, Nicolai, Dominici, Bartelemey, Pauly, Martiny*... bedenkt emol déi sëllegen Nimm am slawesche Sproochraum mat „witsch“ a „vic“ hanndrun, an da kuckt dir déi skandinesch Familjennimm mam „-son“ um Enn... alles „Pappesaach“.

Fir Lëtzebuerg hu mir nach eng intressant Uleucht: **kéipweis Familjennimm sinn aus gedréinten, geträtzten a gequëtschte Virnumm entstan**, dosende-weis och aus de maandelweisen Hausnimm: Kuckt emol, wéivill der vum „Henri“ hierkommen (Hein, Hengesch, Hengen, Heinesch, Heinen...), vum Georg (Giersch, Goergen, Gerges...), Nilles an Nieles (vum lëtzebuergesche Corneille). Déi Gedankespiller dréinen sech ganz einfach ëm eise „Patrimoine“ (= wat vun den Ur-Pappe bliwwen ass); **mir hunn et hei also mat engem Stéck vun eiser Identitéit – a vun eiser Sprooch! – ze dinn**.

Nei an al Wieder?

Do waren der jo, déi hu **gemengt, nom „Fixfeier“ an dem „Gromperekiewerlek“ wier kee Wuert méi an eiser Sprooch entstan**. Och wann dat „gestudéiert“ Häre waren an esou Behauptungen op all Manéier weidergeschleeft ginn, et stëmmt net! Ganz bestëmmt ass de „Feiersteen“ och nei entstan; a wéi ass et mat eiser (!) „Feierstengsalot“? Wat heescht dann e „*Späizmännchen*“ an anere Sproochen? Zu Dikrech weess jiddereen, wat kann draus ginn, wann de Klosi kee **„Boxemännche“ bréngt** 😊 Firwat froe mir beim Bäcker keng „Aachtchen“, a „Schleek“ a maache praktesch keen Ënnerscheid tëscht „Kichelcher“ (aus Kuchendeeg!) a Bréidercher (Broutdeeg!). Wéinst de franséische Vendeusen? Alle. Vill méi kamoud: aarm Sprooch.

Eis Sprooch kann och net dofir, wann een net weess, datt mir keng „Schramm/schrammen“ hunn, well dat „Schréipe“ sinn an en Auto „geschréipt“ an net „geschrammt“ ass. D'Lëtzebuergesch leid och drënner, wann een aplaz eng „Strenz“ eng „Géiskan“ hëlt, oder vu „geschwollene“ Féiss schwätzt, wann se „opgelaf“ sinn. Deer Beispiller gëtt et, leider, tonneweis!



vum Lex Roth

(Foto: Teddy Jaans)

Hierscht an November, Blues?

Datt den November an eise Breedegrade **fir vill Leit en „hänkege“ Mount** ass, brauch een net extra ze ernimmen; den Hierscht-Blues gëtt et. Et ass och keen Zoufall, datt et doriwwer an alle Sprooch **wonnerschéi Gedichter** gëtt; z. B. ee vum Paul Verlaine senge bekanntsten Texter: *Les sanglots longs des violons de l'automne blessent mon coeur d'une langueur monotone...* Dem Mathias Claudius säi Gedicht ass esou schéin a wouer, datt et ewell ëm déi 230 Joer „aktuell“ bliwwen ass: *Der Wald steht schwarz und schweiget, und aus den Wiesen steigt der weiße Nebel wunderbar*. Net wäit dovunner ewech fanne mir beim Paul Noesen: *Hie kënnt mam groen Niwwel lues laanscht d'Baach, wou d'Weidekäpp verschlof stin ze dreemen; wou d'houfreg Pupplisjoffren Dag fir Dag hir gëlle Wuele musen nei ersämen*. Et freet sech nëmme just, **firwat bis elo nach kee vun eise Komponisten sech un dësen oder aner „lyresch“ Texter aus eiser Sprooch ginn huet**, sief et beim Jos Keup, dem Tit Schroeder... oder fir dësen, **aus dem Marcel Reuland sengem „November“**:

**Lo hu mer schonn rëm op de Griewer gestan,
an den Hierescht geet däischer duerch d'Land.
Den Himmel ass gro, a gro ass d'Gewan,
an um Wee danzen d'Blieder am Wand...
Ma lo kënnt och geschwënn rëm déi heemlech Zäit,
wou de Kleeschen an d'Haiser geet,
wou den Herrgott als Kand an der Krëppche läit
an de Chrëschtbam voll Liichtercher steet.**

De „Glühwein“ ...

... ass souwisou **och am Däitschen e Wuert laanscht den Dill**. Do „glüht“ dach näischt; dat kann nëmme e Feier oder eng Luucht, oder? Dat ass ongeféier grad esou koppeg, wéi wann een am Franséische géng vu „vin braisé“ schwätzen; dofir heescht et bei hinnen och einfach „vin chaud“.

Firwat solle mir dann (alt erëm) en däitschen Ausdréck huelen, an nach een, dee falsch ass? **Mat engem „waarme Wäin“ hätte mir och genuch**; et sief dann, mir géng vum engem Gedrénks schwätzen, dat „gloust“ ... esou wéi d'Gesicht, wann ee Féiwer huet. Iwwregens: Huet dir nach ni e „**waarme Miseler**“ probéiert? ... mat e bëssen Hunneg, guer net iwwel!

De Gast Stammet mengt...

... giff kee Coureur „*stierzen*“, héchstens „falen“; an enger Course giff och vläicht alt emol eng kleng Medezin „*ageholl*“, mä ni de Ploton oder en anere Coureur ... dee misst een „erëmkreien“; et giff och keen „*an d'Hannertreffen*“, mä vläicht „hannendra“ geroden. Am „*Virdergrond*“ huet fir hien (an äis) hei och nach keen an näischt gestan, mä einfach „*virbäi/am Ufank*“. Sot him och net, dir hätt eng „*Klimaanlag*“, well eng „Klim“ geet him, esou wéi am Franséischen, Engleschen an esouguer Däitschen duer. Dee Gast ass e feinen a friddleche Mann, ower hier verdréit net, wann eng Serie/Geschicht „*fortgesat*“ gëtt; bei him geet dat einfach „*weider/virun*“.

Hien huet och mol schonn „um Radio“ ugeruff... ower ni ee kritt, deen „eppe ze soen huet“. Et huet emol ee gemengt, den Telefon wier souwisou e Lijener; dat ass net wäit dolaanscht an ni en Zeien do, mä schéckt äis esou „Knätzelen“ eran. Mir hänken s'an eis KLACK!

Eis Sprooch an d'Constitioun

Deen Titel vun eiser **Brochure, déi elo „bei de Leit“ ënnerwee ass**, huet bewosst zwou Bedeitungen: Déi éischt wëllt soen, wat d'Lëtzebuergesch mat eiser Verfassung ze dinn huet; déi zweet verlaangt datt eisen identitären „Idiom“ seng Plaz am Grondgesetz vun eisem souveräne Staat zegutt huet!

Mir sinn zwar frou, datt dës Fro net bei déi 4 an d'Rei stellt ginn ass, vun deenen elo fir de Referendum vun 2015 Rieds ass; da gëtt si och net an déi héich politesch Zermeschteie rondrëm dës Meenungen eragebruet. Onméiglech wier et ower net, fir d'Lëtzebuergesch ouni Kéier a Krëmmel als Nationalsprooch an d'Franséisch wéi d'Däitsch mat eiser Sprooch zesummen am offizielle Gebrauch an d'Constitioun eran ze stëmmen... fir dës Decisioun giff et sécher eng absolutt (zwee Drëttel) Majoritéit ginn, also 40 Stëmmen! **D'Brochure ass (gratis) op enger vun de Post-,Fax- a Mail-Adressen hei uewen ze kréien**.

